Rapport du secrétaire général Thierry Ries

Assemblée générale du 4 avril 2011

Da steh ich nun ich Redaktor und bin so klug als wie zuvor ...

Esou oder esou ähnlech sot sech och de Faust allerdéngs mat Betounung op Tor, nodeems en nach Philosophie, Juristerei, Medizin jo esou guer Theologie studéiert hat. Mit heissem Bemühn.

Mir d'Redakteren, mir hu weider näischt vun all deem studéiert. A wann et der Regierung no geet da wäert dat wuel och an Zukunft nach esou bleiwen. Dat wier jo och nëmmen hallef esou schlëmm, wann dat da mat deem « so klug als wie zuvor » nach stëmme géif.

Mä och dat ass leider net méi de Fall. Hei hunn déi successiv Regierunge mat hiren désastréise Schoulreformen dofir gesuergt, dass de jonke Redakter vun haut bei senger Astellung, net méi iwwer en adequat Wësse verfügt, esou wéi dat nach virun 20, 25 oder 30 Joer de Fall war.

Dat ass awer kee Reproche vis à vis vun eise jonke Kollegen.

Zum engem si si et net, déi an eisem Schoulsystem de Nivellement vers le bas zur Regel gemaach hunn, an dat nëmme fir dass den Taux de réussite am Primaire, oder an der Ecole fondamentale an am Secondaire esou héich ewéi méiglech ass.

Zum anere gehéieren eis jonk Kollegen zur Élite, dat heescht zu deenen 12-13% déi et dach fäerdeg bruecht hunn den Examen-concours ouni ze kompenséieren a mat enger Moyenne vun 3/5 vun de Punkten ze packen.

Des Ausso ass absolut net aus der Loft gegraff, mä nees eng Kéier kloer mat de Chifferen aus de leschten Exame beluecht :

November 2009, 274 Kandidate fir 35 Posten - 35 Réussite, gëtt en Taux d'échecs vun 87 %

Juli 2010, 202 Kandidate fir 28 Posten - 24 Réussisten, dat mécht en Taux d'échecs vun 88 %. Ze bemierken ass, dass 132 Kandidaten nees eemol eng Ongenügend am Droit haten. Dat ass allerdéngs och ze verstoen, schliisslech sinn hei eng 40 Säite mat grousser Schrëft a breede Ränner ze léieren.

Des 2 Exame si leider keng Ausnahm, mä eng traureg Realitéit. Och an den Exame vun de Jore virdru loung den Taux d'échecs systematesch tëschen 73% an 88%.

Elo versteet een dann och firwat am Reformprojet de Recrutement och nach enger Schlankheetskur ënnerzu soll ginn. Obwuel et hei net nëmmen dorëms geet, fir de Niveau vum Examen deem vum Schoulsystem unzepassen, mä dozou spéider méi.

D'Note d'implémentation

Uganks Mäerz 2010, hate mir eis lescht Generalversammlung. Zu deem Zäitpunkt hat d'Regierung offiziell nach näischt iwwer déi geplangte Gehälterreform presentéiert an esou konnte mir eis just op dat baséiere, wat mir an eiser Entrevue mat der Gehälter-Commissioun am Januar gewuer gi waren.

E ganze Reform-Package sollt et ginn vun de Gehälter, iwwer de Statut an d'Carrièren, bis hin zu de Verwaltungen. Alles dat ware mir an der Gehälter-Commissioun gewuer ginn an alles dat steet dann och schlussendlech an der ominéiser Note d'implémentation déi de Minister Biltgen der CGFP kuerz no eiser leschter Assemblée générale iwwerreecht huet.

- Ofschafe vun de Cadres ouvert a fermé an Afféiere vun engem Niveau général an engem Niveau supérieur,
- Avancement an de Niveau supérieur no fréistens 12 Joer, an an de Grade de fin de carrière no fréistens 20 Joer,
- Ofschafe vun de Pourcentagen an deem neien Niveau supérieur, zesumme mat Avancementer en fonction vun der Anciennetéit, der Formatioun an der Appréciatioun,
- Aféiere vun engem minimalen Délai vun 3 Joer tëschen 2 Avancementer, respektiv vu 4 Joer fir déi zukünfdeg Beamten
- Mise en place vun engem Bewertungssystem zesumme mat der Aféierung vun enger Procédure d'insuffisance professionnelle
- Ofschafe vun der Majoration d'indice, dat sinn déi hallef Biennalen
- Erofsetze vun den Ufanksgehälter, gekoppelt mat enger Reform vum Stage
- Schafe vun enger Bachelor Carrière

- an esou weider an esou fort ...

Mä dat ass nach nëmmen e kuerzen Abléck an déi Hannerhältegkeeten déi des Regierung sech ausgeduecht huet fir hir Fonction publique, dat heescht fir déi Beamten déi Dag fir Dag dofir suergen, dass de Statsapparat rullt, fir déi ze schikanéieren.

Do muss ee sech dach froen : wat denken déi sech do derbäi ?

Firwat eng gutt funktionéierend Fonction publique op d'Spill setzen ?

Wat huet d'Regierung da schlussendlech dovun ?

Oder ass et just eng Fro vun alen an déifsëtzende Rancunen déi gewësse Politiker ëmmer nach vis à vis vun der CGFP haten an ëmmer nach hunn?

Esou gëtt een dann och d'Impressioun net lass, dass d'Regierung mat alle Mëttel versicht der CGFP eng auszewëschen. Nodeem mësslongene Versuch d'Gewerkschaft duerch d'Revalorisatioun vun de Schoulmeeschteren ze splécken, gëtt nees eng Kéier probéiert duerch de « Reclassement de certaines carrières » ee Käil an d'Eenheet vun der CGFP ze schloen. An dat als Äntwert op d'Revendicatioun no der längst iwwerfälleger genereller Gehältertrevisioun.

Mä och déi Kéier war d'Rechnung net opgaang !

D'Conférence des comités

Op der Conférence des comités extraordinaire vum 25 Mäerz 2010, hunn all d'Associatiounen unanimement refuséiert, der CGFP e Mandat ze gi fir mat der Regierung op Grond vun der Note d'implémentation ze verhandelen.

Evident war des Reaktioun allerdéngs net, wann ee bedenkt, dass duerch een an dee selwechte Projet, eng Rei Carrièrë revaloriséiert gi während am gläichen Otemzuch ënner anerem d'Ufanksgehälter gekierzt an d'Politiséierung vun der Fonction publique, zesumme mat Paltongszéierei duerch e sougenannte Bewertungssystem nach méi pousséiert gëtt.

An awer hu se sech all solidariséiert !

Well wat d'Regierung hei als Reformprojet presentéiert ass net nëmmen e Musterbeispill u Sozialofbau, mä och nach e Schlag an d'Gesicht souwuel fir d'gesamt Fonction publique, wéi och fir d'CGFP an all hier Ënnerorganisatiounen.

Dat geet schonn alleng doraus ervir, dass d'Regierung proposéiert de « rapport hiérarchique » vun 1963 nees hierzestellen. Esou steet et wuertwiertlech an der Note. 1963 !

Hei gëtt dach tatsächlech probéiert, op ee Coup an esou wäit wéi méiglech sämtlesch Errongenschafte vun der Gewerkschaft aus hirem Palmarès ze sträichen. An dat soll keng Rancune sinn ?

Well wat bréngt zum Beispill d'Ofschafe vum aktuelle System « cadre ouvert / cadre fermé » an d'Aféiere vun engem Niveau général an engem Niveau supérieur fir d'Verwaltung, fir de Bierger oder fir de Beamten ?

An deenen ënneschte Grade soll sech jo weider näischt änneren an d'Avancementer ginn et ëmmer nach automatesch an der Anciennetéit no. Mä am Niveau supérieur sollen et nach just Avancementer zwar en fonction vun der Anciennetéit mä gekoppelt un d'Formatioun a virun allem un d'Appréciatioun ginn.

Do dernieft sollen d'Pourcentagen an deenen ieweschte Graden ofgeschaf ginn. Dee Moment steet et dem Chef d'administration net nëmme fräi ze décidéiere ween en Avancement kritt a ween net, mä och nach wéi vill Posten zum Beispill am 11, 12 oder 13 besat ginn. Schéin à la tête du client.

Zeréck zum Zweeklassesystem ?

An als Kiischt um Kuch wëll d'Regierung dann och nach eng eenzeg Dénominatioun vun der Funktioun am Niveau général an am Niveau supérieur aféieren. Dann ass Schluss mat dem Chef de bureau oder dem Inspekter tout court, principal oder premier en rang. Da gëtt et nach just de Redakter an den Inspekter, oder de Rédacteur dirigeant, wann et der Gehälterétude no geet.

Mä wéi och ëmmer, duerch d'Ofschafe vun deene verschiddene Funktiounen innerhalb de Carrièren, geet d'Hierarchie souwuel innerhalb der Verwaltung, wéi och no baussen hi verluer. Dat bréngt weder der Verwaltung als solch, nach dem Bierger eppes, au contraire.

De Chef d'administration kann allerdéngs fräi nach Lust und Laune, mä selbstverständlech ganz strikt am Kader vun der Appréciatioun, all d'Promotiounen un déi Beamte verginn, déi him op déi eng oder aner Aart a Weis an de Krom

passen. Well wa mir alleguer dee selwechten Titel hunn, da kann och emol deen een oder aneren iwwergaange ginn ouni dass et direkt esou opfält, ausser um Paiziedel.

A wou féiert dat do wuel hin ?

Fir d'éischt gëtt et nach just 2 Titele pro Carrière. Da kënnt eventuell nach de Regruppement vu verschiddene Carrièren, esou wéi et och schonn an der Note d'implémentation dra steet.

An duerno ? Villäicht d'Zesummeleeë vun deenen 2 Carrières supérieures an d'Ofschafe vun der Carrière moyenne duerch eng Fusioun mat der Carrière inférieure ? Well no der Aféierung vun der Bachelor Carrière wäerte wuel nach just d'Redakter wéi Dinosaurier an der Carrière moyenne iwwereg bleiwen. An an der Carrière inférieure muss souwisou nach d'Plaz vun den ausgestuerwenen Expéditionnairen opgefëllt ginn.

Iwwereg bleiwen dann nach just eng Carrière supérieure an eng Carrière inférieure.

Dee Moment ka sech de Minister Biltgen zefridden op d'Schëller klappen a soen : Mission accomplie ! Schliisslech war hien et dee schonn am Mäerz 2008 an engem Wort Artikel iwwer de Bologna Prozess geschriwwen hat « Les cadres administratifs du milieu deviennent de plus en plus superflus ».

An der Fonction publique geet et un, am Privatsektor gëtt et weider gefouert a wee weess, villäicht breet sech dëse Phenomen op d'ganz Gesellschaft aus an dann heescht et geschwënn nees : zeréck op dee gudden alen Zweeklassesystem an ewech mat der iwwerflësseger Mëttelschicht.

Déi Räich solle méi räich ginn, an déi aner roueg méi aarm. D'Haaptsaach et gehéiert een zu der ieweschter Schicht, da kann engem de Rescht souwisou egal sinn.

Do freet ee sech dach just : fir wat soll da wuel deen « S » do an deene Parteinimm stoen ?

Eng Reform ?

Mä zeréck zur geplangter Reform.

Obwuel, wat heescht hei Reform ?

Dem Petit Robert no ass eng « réforme » ee « changement profond apporté dans la forme d'une institution afin de l'améliorer, d'en obtenir de meilleurs résultats »

D'Ofschafe vun der Hierarchie dréit mat Sécherheet net zu iergend enger Verbesserung innerhalb vun de Verwaltungen, oder vum Service public bäi. Au contraire.

Dat gëllt och fir d'Eropsetze vum Délai d'attente tëschen 2 Promotioune vun engem op 3, respektiv op 4 Joer fir déi nei Beamten. Oder och nach den Délai vun 12 Joer déi een am Niveau général verbrénge muss ier een an den Niveau supérieur avancéiere kann.
A besonnesch déi jonk schéngen et zumindest enger vun de Regierungsparteie besonnesch ugedo ze hunn. Schliisslech hat hiren deemolege Parteipresident scho grouss virun de Walen ugekënnegt seng Partei géif d'Ufanksgehälter an der Fonction publique erofsetzen.

Mä och bei der Allocation de famille soll en neie System agefouert ginn an deen et dann erlaabt, dass déi 2 Partner des Allocatioun vu 25 Punkte kréie sollen. Allerdéngs nëmmen am Fall wou an esou laang wéi se Kannergeld ausbezuelt kréien. Dat gëllt fir déi nei Beamten, déi al Beamte kënnen awer tëschen dem neien an deem ale System wielen.

Wéi ee vun deenen 2 Systemer dann elo méi gënschteg ass, dat hänkt vu verschiddene Facteuren of. Tatsaach ass allerdéngs, dass frësch bestueten oder gepaxte Koppele benodeelegt sinn, esou laang se keng Kanner hunn. A wa se da bis Kanner hunn, an ee vun den Eltere ganz oder hallef doheem bleift, dann ass och nees séier Schluss mam Avantage vun der cumuléierter Allocatioun !

A strikt nom Motto « Kleinvieh macht auch Mist » gesäit de Reformprojet d'Ofschafe vun der Majoration d'indice, der halwer Biennale vir. A fir deene Jonken nach eng extra auszewëschen d'Ofschafe vun der éischter Biennal no engem Joer Déngscht.

Sécher hei ass e gewëssent Spuerpotenzial, allerdéngs nees eemol op Käschte vun de Beamte mat Extra-Affer fir déi jonk. Dofir schliisslech den « S » am Parteinumm, « S » wéi ... Sozialofbau !

Mä, wee wonnert et ? Schliisslech war et déi selwecht Koalitioun, déi an der Legislaturperiod 1994 bis 1999 de Sozialofbau an der Fonction publique agelaut hat

a gläichzäiteg den Ausdrock « Droits acquis » zur Farce erkläert huet. An dat alles am Zeeche vum groussen « S ».

Dat war nëmmen e kuerzen Iwwerbléck vun de Mesuren, déi en direkten Affloss op d'Rémunératioun hunn, mä et kënnt nach besser.

D'Verwaltungsreform

Dem Petit Robert no soll eng Reform jo Verbesserungen a besser Resultater mat sech bréngen.

Sécher, d'Bacheloren an domat mengen ech déi Carrièren, déi deen Diplom haut schonn hu wäerten deen an Zukunft unerkannt a bezuelt kréien. Mä wat bréngt des vun der CGFP gefuerderter « generell » Gehälterreform der grousser Majoritéit vun de Beamten ?

Ma guer a glat näischt, au contraire. Mir wäerten alleguer Plomme loossen ! Schliisslech soll se jo käschtenneutral ginn des Superreform. A wann déi eng eppes bäikréien, jo da muss dat op enger anerer Plaz nees agespuert ginn.

Mä fir der Definitioun dach villäicht awer nach gerecht ze ginn an iergend eng Verbesserung ze erzilen, soll dann niewent der Rémunératioun och nach d'Verwaltung u sech reforméiert ginn.

Gestion par objectifs nennt sech dat Ganzt a gesäit fir, dass d'Verwaltung all 2 Joer hier Missiounen an Objektiver an engem Dokument festhält. Hei soll net nëmmen déi generell Orientatioun vun der Verwaltung festgeluegt ginn, mä och a ganz besonnesch d'Ziler déi ee sech fir déi nächst 2 Joer setzt.

Op Grond vun dëse generellen Objektiver, kritt da schlussendlech de Beamten seng perséinlech Objektiver an engem Entretien personnel fixéiert an awer och spéider analyséiert. Des Analyse fléisst dann en fin de compte an d'Appréciatioun vum Beamte mat eran.

Wéi dat an deenen eenzelne Verwaltungen ëmgesat wäert ginn, dat kann een haut nëmmen erahnen. Tatsaach ass awer, dass sech d'Verwaltungen ëmmer méi mat sech selwer befaasse mussen. Dass si doduerch manner Zäit fir den Usager hu schéint weider keen ze stéieren.

Ass dat net villäicht de l'Art pour l'art ?

Oder wéi war dat scho méi mam deem « S » am Parteinumm ? « S » wéi ... Sabotage vun engem gutt functionnéierendem Statsapparat.

D'Appréciatioun

Mä d'Kärsteck vun der Reform ass a bleift awer d'Appréciatioun oder dee sougenannte Bewertungssystem. Am Wort a bei RTL packen se d'Natur net méi a kënnen d'Waasser kaum nach halen. Elo sollen déi liddereg Beamten endlech emol nom Leeschtungsprinzip bezuelt ginn. Nee wat eng Freed.

Dass et bei dësem System « nëmmen » dorëms geet, deem manner fläissege Beamte säin Avancement ze retardéieren an deem méi fläissege säint ze avancéieren dat gëtt allerdéngs vergiess. Ass jo och egal. D'Haaptsaach ass mir kënnen eis emol nees esou richteg op Käschte vun de Statsbeamten defouléieren.

An engem Communiqué de presse aus dem Januar 2011 huet d'CGFP dorop higewisen, dass 90% vun de Beamten net vun deem geplangte Bewertungssystem betraff wäerte sinn. Si maachen hir Aarbecht haut schonn esou gutt, dass si och weiderhin hir Avancementer an deem aktuelle Rhythmus kréie wäerten. Dee ganze Bewertungs-Opwand betrëfft also eenzeg an alleng der CGFP no 10% vun de Beamten.

Ofgesinn dovun, dass et ni gënschteg ass esou eng Zuel an de Raum ze setzen, muss ee sech dach awer och froe wéi dat dann elo ze verstoen ass. Sinn ieren 10% Lidderhanessen ?

Dat kann et jo awer net sinn. Sécher, schwaarz Schof gëtt et iwwerall an et ass net de Rôle vun enger Gewerkschaft des Leit ze decken. Et ass wuel éischter esou ze verstoen, dass 90% vun de Beamten hier Aarbecht einfach gutt maachen an dat ouni weider opzefale weder am positiven nach am negativen. A beim ganze Rescht handelt et sech wuel, ofgesi vun e puer rare schwaarze Schof, em déi Beamten déi eng besonnesch gutt Aarbecht leeschten.

Mä muss een dofir wierklech eng deier an zäitopwändeg Prozedur aféieren an dat nëmme fir e puer Avancementer em bis zu 9 Méint ze décaléieren ?

Well esou gesäit d'Note d'implémentation aus dem Mäerz 2010 et vir : 6 Méint éischter oder 3 Méint méi spéit. Bedenklech bei dësem Bonus/Malus System ass awer och d'Tatsaach, dass ewell scho vun 12 a 6 Méint geschwat gëtt.

Et kann ee gespaant si wéivill Méint da schlussendlech an den definitiven Text stoe kommen. Paltongszéierei a Parteikaarte solle sech jo schliisslech och richteg rentéieren.

Wat sech awer an Zukunft doraus entwéckele kann, dat ass haut nach net ofzeschätzen. Mä, bei dëser Regierung muss een op alles gefaasst si, fräi nom Motto « un train peut en cacher un autre ». A wee weess, villäicht négociéiert an d'Zukunft d'CGFP nach just eng gewëssen Augmentatioun vun der Masse salariale an et läit de Chefs d'administration fräi, wéi se des Enveloppe ënner hiere « besonnesch fläisseg » Beamte verdeele wäerten.

A wat bis elo ganz gutt tëschen dem Privatsektor an der Fonction publique geklappt huet, dat kann der Regierung innerhalb vun de Verwaltungen nëmme Recht sinn. Ech denken do un « S » wéi ... Sozialnäid schüren.

D'Reform vum Statut

Mä zeréck zur Note d'implémentation an deene Mesuren, déi de Statut général betreffen. Och hei just e klengen Echantillon. Hei gesäit d'Regierung vir, de Stage mol nees eng Kéier op 3 Joer erop ze setzen. Dat soll dozou bäidroen, dass de Beamten dee Moment wou e seng definitiv Nominatioun kritt, engem performanten Niveau entsprécht.

Wéi ee Niveau dat soll sinn, geet leider net aus der Note ervir. Et steet emol einfach esou dran « un niveau performant, sans augmenter le volume total de la formation actuelle ». Also net méi Formatioun, just méi e laange Stage fir e performanten Niveau ze erreechen.

Ass dat do e clin d'oeil an d'Richtung vun der AGC, fir ze soen: denkt emol net dru fir elo eng besser Formatioun während dem Stage ze fuerderen. Sécher ass op jidder Fall, dass d'Aféiere vun enger richteger a niddereger Indemnité de stage, esou wéi se aus der Note d'implémentation ervirgeet, hir Friichten ëmsou besser dréit, wat de Stage méi laang dauert.

A fir net nëmmen déi ze strizen, déi nach ganz am Ufank vun hirer Carrière stinn, kréien och nach déi di kuerz virun der Pensioun sinn och nach eng dohi geplättelt an zwar den obligatoreschen «Abschlussbericht », ouni deen et keen Trimester de faveur méi gëtt.

Da kann een och nach d'Aféiere vun engem Code de déontologie, d'Reform vum Horaire mobile an d'Reform vum Examen-concours erwänen. Duerch déi geplangte Reform vum Examen-concours soll de Classement en rang utile ofgeschaf ginn. Dat féiert dozou, dass aus dem Examen-Concours nach just en Exame gëtt an et de Verwaltungen absolut fräi steet sech déi Kandidaten eraus ze picken déi hinnen am meeschten zousoen, soit duerch hir Kompetenzen oder awer duerch aner Qualitéiten. Hei ass wuel éischter d'Carrière supérieure viséiert, well bei deene lamentabele Resultater aus deene leschten Examen-Concoursen bei de Redakteren, kann ee scho frou si wann all d'Poste besat kënne ginn.

Mä all ze laang wäert et och halt net méi dauere bis och dësen Examen un déi sëlleche Schoulreformen ugepasst gëtt an d'Critère no ënne revidéiert wäerte ginn.

Esou vill emol zu der Note d'implémentation iwwer déi geplangte Reform. Et ass selbstverständlechst nëmmen e kuerzen Iwwerbléck, d'Spëtzt vum Äisbierg wann een esou wëll. Den integralen Text fann dir op eisem Internet-Site.

De Kollateralschued deen des sougenannte Reform mat sech brénge kann ass nëmme ganz schwéier anzeschätzen. Fir d'CGFP ass a bleift dat Ganzt eng Zerräisprouf déi se bis ewell awer ganz gutt an ouni Schued bestan huet. Och wann d'Regierung sécherlech op de Contraire spekuléiert, andeems se an engem an deem selwechte Projet der enger Carrière eppes gëtt, enger aner näischt gëtt a och soss esou vill wéi méiglech Äppel mat Biere vermëscht fir esou ee géint deen aneren auszespillen.

Do denkt een dach glat un « S » wéi ... Zizanie stëften, orthographesch ass dat zwar falsch, mä fir de Rescht absolut zoutreffend.

Mä wéi och ëmmer.

Am Mäerz 2010 huet also d'Conférence des comités extraordinaire déi sougenannten Note d'implémentation integral an unanimement refuséiert.

Formatioun

Mä dat heescht awer nach laang net, dass se domat vum Dësch an de Projet gestuerwen ass. Mat Sécherheet net ! A fir eis als AGC, ass des Note e gutt Stéck méi ewéi nëmmen eng einfach Note. Et ass u sech dat wat am nootsten un en

offizielle Refus vun eiser laangjäreger Revendicatioun no enger besserer Formatioun erukënnt.

Well eent däerf een hei net vergiessen : keng eng vun deene successive Regierungen hat a méi ewéi 30 Joer de Courage oder d'Héiflechkeet oder iwwerhaapt deen néidege Respekt fir eis eng kloer an onmëssverständlech Äntwert op eis Fuerderung ze ginn. Beschtefalls si mir op spéider vertréischt ginn, zum Beispill op déi geplangte Gehälterreform.

Iwwer 30 Joer laang hu mir op d'Noutwennegkeet vun enger adequater Formatioun higewisen an ëmmer nees si mir ignoréiert ginn. Ofgesi vun der Créatioun vum IFA, dem Institut de formation administrative, ewéi den INAP an de 80er Jore geheescht huet, huet sech bis haut nach näischt gedoen.

An deen IFA, deen urspréinglech eenzeg an alleng fir d'Redaktere virgesi war, esou als Pendant zum ISERP, ass nach ier deen éischte Redakter säi Fouss an ee Klassesall gesat hat, opgemaach an obligatoresch ginn an zwar fir all administrativ Carrière beim Stat.

No ettlesche Reformen, ass den IFA dann elo zu deem INAP verkomm, esou wéi mir en haut kennen. Vun enger adequater Formatioun ass weider näischt ze gesinn.

An da kënnt d'Regierung mat der Note d'implémentation dohir a kënnegt groussaarteg d'Schafe vun enger neier administrativer Bachelor-Carrière un.

Mir hunn näischt dogéint, dass déi Kollegen, déi haut schonn esou en Diplom hunn, deen och bezuelt kréien a si deem entspriechend reclasséiert ginn. Mä mir kënnen net acceptéieren, dass d'Redakteren duerch des Reform op der Streck bleiwen.

An dat geet aus dëser Note kloer ervir !

D'Redaktere gi weiderhin um Niveau « fin d'études secondaires » recrutéiert an d'Bachelore kréien eng Carrière supérieure « bis » fir sech. Doraus kann a muss een da schléissen, dass eis Fuerderung no engem Bachelor fir d'Redakteren definitiv refuséiert ass.

Dat hu mir op jiddefall esou gesinn an hunn décidéiert d'Procédure vum Litige op en neits ze lancéieren, wat mir da schlussendlech och de 16. Abrëll 2010 gemaach hunn.

Conciliatioun

Den 1. Juli ass d'Commission de conciliation fir eng éischt Réunioun zesummekomm.

De Pierre Neyens huet nees eemol dorop higewisen, dass et sech bei der geplangter Gehälterreform em e Ganzt handele géif. Em e ficeléierte Package deen net nëmmen indissociable wier, mä deen och nach nëmme mat der CGFP négociéiert wäert ginn. D'Kollege vun der CGFP hunn dat allerdéngs net esou gesinn, vu dass d'Statuten esou Verhandlungen net erlabe géifen.

Dësweidere sot den Här Colas, de Recrutement vun de Redakteren um Niveau Première wier intouchable. Hien huet awer och ze bedenke ginn, dass et schonn alleng aus budgétairen Iwwerleeungen, kaum zu engem massive Recrutement vu Bacheloren an de Verwaltunge komme wäert. Vun dohier wieren dann och eis Crainte wat eis Attributiounen a Responsabilitéiten ugi weider net fondéiert.

U sech hätt een des Réunioun schonn no 10 Minutte kéinten ofbriechen an direkt den Échec vun der Conciliatioun feststellen. Mä, nodeems mir nach e bëssi ënnereneen diskutéiert haten, war de Conciliateur Pierre Gehlen der Meenung dass ee sech eventuell bis nom Summer vertage kéint, falls eng infime Chance bestoe géif, dass sech déi politesch Responsable dach nach villäicht beweege kéinten.

Mir waren natierlech domat d'accord an och d'Regierungsdelegatioun huet des Propose ugeholl, allerdéngs net ouni dorop hinzeweisen, dass et sech heibäi op kee Fall em iergend eng Ouverture handele géif.

Den Accord salarial

Knapp 2 Woche méi spéit op engem Quatorze Juillet souze mir dann nees an enger Conférence des comités fir iwwer den Accord salarial ofzestëmmen. Dësen Accord deen op ee Joer limitéiert war, gesäit jo niewen enger Rei vu Mesures accessoires déi net vill kaschten, eng Nullronn vir.

Ee vun de Kollegen huet dësen Accord als « schwaarz » Nullronn bezeechent an dat ganz ouni iergend ee parteipoliteschen Hannergedanken, mä am Géigesaz zu enger « rouder » Nullronn bei deeër och nach d'Biennalen an d'Avancementer ausgesat gi wieren.

Mä ee wichtege Punkt aus dësem Accord ass dee wou d'Regierung sech engagéiert op Demande vun der CGFP all déi Proposen aus der Gehälterreform, déi direkt de

Bologna-Prozess betreffen separat ze behandelen, vu dass hei d'Kompetenz bei de Carrières-Organisatioune läit.

Et ass nëmmen dësem Punkt aus dem Accord salarial ze verdanken, dass zum engen, den Accord vun den Ënnerorganisatiounen ugeholl ginn ass an dass zum aneren d'CGFP nees zeréck un de Verhandlungsdësch gaangen ass. Och wann d'Diskussioune weiderhin op Grond vun enger Note gefouert ginn, déi eigentlech vun der Conférence des comités integral an unanimement ofgeleent ginn ass.

Op Grond vun dëser neier Ouverture hu mir dann och de 26. Juli de Ministere Biltgen a Modert eng weider Demande d'entrevue geschéckt.

D'Réunion d'information et de consultation

Mä, a Plaz vun der erhoffter Entrevue individuelle hu mir eng Invitatioun fir de

27. Oktober kritt an zwar fir eng « Réunion d'information et de consultation » zesumme mat allen anere Carrières- a Personnalassociatiounen déi et esou beim Stat gëtt. Allerdéngs ouni iergend een Ordre du jour. Zitéiert gouf nëmmen dee Punkt aus dem Accord salarial dee beseet, dass d'Ëmsetze vum Bolognaprozess separat behandelt gëtt, wuertwiertlech « traitées par le Gouvernement de façon séparée ». Ageluet goufen allerdéngs alleguer d'Associatiounen, ob si elo eppes mat Bologna ze dinn hunn oder net. Fräi nom Motto « plus on est de fous, plus on s'amuse ».

Als éischt hu mir emol eis 2. Reunioun beim Conciliateur ofgesot. Duerno hu mir eis am Comité concertéiert a sinn zum Schluss komm, dass mir un dëser kollektiver Réunioun deelhuelen esou laang bis de Volet « Information » ofgeschloss ass. A wann et dann zu engem Tour de table, oder éischter bei deene ville Leit zu engem Tour de salle komme sollt, dann awer d'Réunioun ze verloossen an zwar nodeems mir d'Ministeren opgefuerdert hunn eis individuell ze empfänken.

Dat war d'Positioun vun der AGC zu desem weidere Versuch vun der Regierung Cirque an Zauber ënner den Associatiounen ze provozéieren. An dat war och déi gemeinsam Positioun, déi all d'Associatiounen an enger Conférence des comités extraordinaire festgehalen hunn.

An esou ass dann déi grouss ugeluechte Réunion d'information et de consultation iwwer d'Bühn gaang. A punkto Informatioun war et nawell allerhand dürfteg. Guer näischt neits, nëmmen Opgewiermtes aus der Note d'implémentation. A wéi de

Minister dunn op de Volet « Consultation » iwwergoe wollt, dunn ass e vun engem gemeinsame Porte-parole opgefuerdert ginn d'Associatiounen eenzel ze empfänken an huet dat Ganzt och nach schréftlech an engem gemeinsame Bréif iwwerreecht kritt.

De Minister Biltgen huet sech allerdéngs ganz erstaunt iwwer des Fuerderungen no Eenzelgespréicher gewisen. Schliisslech wieren dach alleguer d'Associatiounen schonn eenzel empfaang ginn ... an zwar vum Statssekretär Jos Schaak. Des Ausso huet dann och eng gewëssen Hilaritéit am Sall ausgeléist.

Duerno hu mir all zesummen d'Réunioun verlooss.

Eng 3. a 4. Demande d'entrevue

Den Dag selwer ass eng weider Demande d'entrevue vun der AGC un de Minister Biltgen gaang. An deem Bréif hu mir awer och drop higewisen, dass d'Procédure vum Litige nees opgeholl géif gi falls hie weiderhi refuséiere géif eis ze empfänken.

Mä alles dat schéint de Minister Biltgen zu deem Zäitpunkt absolut net ze interesséieren. Au contraire. A senger Äntwert gi mir opgefuerdert schréftlech Positioun zur geplangter Reform ze huelen. An ëmmer nees gëtt den Text aus dem Accord salarial zitéiert « seront traitées par le Gouvernement de façon séparée ». Dat kann een interpretéiere wéi ee wëll, mä separat behandelen ass net an individuellen Entrevue mat den Associatiounen diskutéieren a scho guer net négociéieren.

Et ass esou wéi virun de leschte Walen. Do hat d'CGFP och versprach kritt d'Gehälterétude géif virun de Walen ofgeschloss ginn. Wat jo dann och anscheinend de Fall war. Mä et war nimools Rieds dovu gaang se och dee Moment ze presentéieren. Dat huet d'Regierung eréischt an November 2010 gemaach !

Mä wéi och ëmmer. Eng schréftlech Prise de position hu mir dem Minister Biltgen net geschéckt dofir awer eng 4. a lescht Demande d'entrevue ir mir de Litige nees ophuele géifen. An och e weidere Litige hu mir him ugekënnegt, sollt hien u senger Iddi festhale fir eis Carrière souwéi al déi aner Carrièren op 2 Funktiounen ze limitéieren. Dat gëlt iwweregens och fir de Fall wou den Titel Inspecteur duerch dee vun engem Rédacteur dirigeant ersat sollt ginn.

Wéi d'CGFP dunn awer am Dezember de Verhandlungsdësch definitiv verlooss huet, du hu mir vun de Ministere Biltgen a Modert e klenge Bréifche kritt an deem si eis op knapp 5 Zeile matdeelen, dass all d'Discussiounen iwwer d'Carrièren vun elo un en suspens wieren an dass d'Regierung 2011 d'Marche à suivre fixéiere géif.

Voilà, domat schléisst sech da souzesoen de Krees an d'Verhandlungen iwwer d'Gehälterreform si nees do ukomm, wou se Uganks 2010 och scho waren. Wann am Mäerz 2010 d'Associatiounen der CGFP d'Mandat refuséiert haten fir op Grond vun der Note d'implémentation ze verhandelen, dann ass et am Dezember d'CGFP déi sech zeréckzitt, fir emol ofzewaarde bis e konkreten Avant-projet de loi um Dësch läit.

Mä soss huet sech tësche Mäerz an Dezember 2010 net vill verännert. D'Verhandlungsbasis ass ëmmer nach déi ominéis Note un deeër sech nun awer och guer näischt geännert huet. Mat den Ënnerorganisatiounen ass och weiderhi weder diskutéiert, nach verhandelt ginn, egal wat am Accord salarial steet. Just d'Gehälterétude, déi ass entre-temps verëffentlecht ginn.

D'Gehälterétude

Op 1.119 Säite ginn hei d'Carrièren an d'Gehälter aus der Fonction publique ganz am Detail analyséiert. No engem Historique op 30 Säiten deen d'Evolutioun vun der Legislatioun zënter 1963 ganz interessant wann och leider net komplett dokumentéiert, geet et da wieder mat enger ganz detailléierter Oplëschtung vun all deenen Décisiounen déi d'Regierung tëschen 2004 an 2009 a Bezuch op d'Gehälter geholl huet.

Ween den Text ganz genee liest deem fält villäicht op, dass d'Auteuren dorop hiweisen, dass an Däitschland per Gesetz de Recrutement vun hirer Carrière moyenne an Zukunft einfach an ouni Reklassement um Niveau Bachelor gemaach gëtt. Méi Formatioun ouni dofir méi an der Pai ze kréien…

Dat kënnt engem dach iergendwéi bekannt fir.

War dat net eis Fuerderung aus dem Joer 2007? Eng Fuerderung déi eis vill Misère erspuert hätt, falls d'Regierung deemools dorop agaange wier.

Sécher, d'Kollegen déi haut schonn a Bachelordiplom hu wieren net frou mat eis gewiescht. Mä den Equiliber an der Carrière moyenne wier nees hiergestallt ginn, de

Stat hätt vill Sue gespuert an d'CGFP hätt net missen op eng generell Gehälterreform insistéieren, eng Reform déi eis haut méi schued ewéi se eis nëtzt.

Dat gëllt ganz besonnesch fir all déi jonk Beamten, mä och fir d'Redakteren, déi en fin de compte d'Rechnung presentéiert wäerte kréien, fir dass de Reklassement vun de Bacheloren budgétaire neutral iwwer d'Bühn ka goen.

Dass déi gefuerdert generell Gehälterreform längst iwwerfälleg war, dat ass méi ewéi kloer. Mä des Fuerderung koum zu engem denkbar schlechtem Zäitpunkt. Well wat d'Regierung sech mëttlerweil alles ënner dem Deckmäntelche vun der Crise geleescht huet a sech och nach weider leeschte wäert, dat geet op keng Kouhaut.

An do kënnt esou eng Gehälterreform dach ganz geleeën. Elo gëtt sech emol esou richteg ausgetobt, déi al Rancune ginn nees erausgeholl an et gëtt probéiert alles dat wat ee schonn zënter Joren aféieren oder nees ofschafe wollt elo endlech duerchzebootschen. Et ass net nëmmen en Hohn, mä eng regelrecht Frechheet wéi des Regierung mat hirer Fonction publique ëmspréngt.

Mä zereck zur Étude, wou et op 500 Säite mat enger ganz detailléierter Analyse vun alle Carrièrë weidergeet. D'Formation de base, déi während dem Stage oder och nach d'Formation continue gi genee esou analyséiert wéi de Classement barémique an d'Evolutioun vun all eenzel Carrière.

Ofschléissend kënnt dann an dësem Kapitel d'Opzielung vun den Attributioune vun der jeeweileger Carrière. Bei de Redaktere fält dobäi op, dass sech des Lëscht a ganz ville Punkte mat deeër iwwerschneid, déi ee 400 Säite méi spéit erëmfënnt a wou déi Attributiounen opgezielt ginn déi de Chefs d'administration no an Zukunft vun der Bachelor-Carrière iwwerholl solle ginn.

Mä eis Crainten a Bezuch op de Verloscht vun eisen Attributiounen, sinn absolut net fondéiert !

Awer och d'Revendicatioune vun deenen eenzelnen Associatiounen hunn hire Wee an des Étude erafonnt. D'AGC ass direkt mat zwou Fuerderunge vertrueden, déi aus dem Joer 2007 mat engem Bachelor ouni Gehaltsopbesserung an déi aus dem Joer 2008, déi mam Bachelor an der Upassung vun eiser Carrière un d'Schoulmeeschter-Carrière.

De Verglach vun de Gehälter aus der Fonction publique mat deenen aus dem Privé kann een dann awer direkt iwwersprangen, well och wann eis Päien integral an transparent zur Verfügung stinn, da kënnen se awer nëmme mat deem verglach gi wat de Privatsektor geliwwert huet. An do wou se keng komplett Informatiounen aus dem Privé hunn? Mat wat gëtt do verglach ?

Nuja, et ass näischt perfekt op dëser Welt an d'Étude kënnt jo souwisou op dat vun der Regierung virdefinéiert Resultat.

An der Étude ass dann awer Schluss mam Volet Gehälter an déi lescht 300 Säite befaasse sech mat de néidege Reforme vun de Verwaltungen an dem Statut, fir schlussendlech bei der Oplëschtung vu méigleche Spuermoossnamen an der Fonction publique ze landen.

Um Menu stinn hei d'Ofschafe vun der Majoration d'indice a vun der éischter Biennal, d'Kierze vun den Ufanksgehälter op den 2. respektiv den 1. Echelon, d'Reduktioun vun der Punktzuel an allen Echelonen em 5% respektiv 10% a schlussendlech d'Kierze vum Punktwert em 2.5%, 5%, 7.5% oder och nach em 10%.

Dat ganzt héichgerechent op déi nächst 10 Joer.

Wann ee sech dat esou ukuckt, da kann et engem scho richteg Angscht ginn. Awer net wéint der eegener Pai! Mä wéint der schrecklecher finanzieller Situatioun an deeër eis d'Land wuel stieche muss, fir dass een esou eppes zu Pabeier bréngt.

Wann een natierlech bedenkt, dass des Étude och scho bal nees 2 Joer um Bockel huet da kann ee villäicht doriwwer ewech kucken. Mä et bleift trotz allem e batteren Nogeschmaach.

Et gëtt sécher nach ganz vill zur Étude ze soe mä ech menge fir de Moment geet et emol duer.

Ofwaarden oder … ?

Mä wéi geet et dann elo mat der Gehälterreform virun ?

Der CGFP hir Approche ass zënter Uganks Dezember fir ofzewaarden an ze kucke wat dann elo en fin de compte am Avant-projet de loi stoe wäert.

Ob des Haltung gutt oder schlecht ass, doriwwer kann ee sécherlech diskutéieren. Op e konkreten Text ze waarden ass op der enger Säit riskant. Well wee seet, dass

d'Regierung nach eng Kéier mat der CGFP op Grond vun engem Avant-projet verhandele wëll. Ass et net méi einfach fir direkt de fäerdege Projet de loi op den Dësch ze leeën an dann ass d'Affaire emol um rullen. An dee Moment gëtt et extrem schwéier fir iwwerhaapt nach eppes ze bewierken.

Sécher nom Streik vun den Dokteren an deenen diverse Réckzieher déi d'Regierung doduerch am Kader vun der Gesondheetsreform gemaach huet, kéint een e bëssi méi optimistesch un d'Saach erugoen. Mä leider sti mir als Statsbeamten net esou gutt do wéi de Corps médical, wann et em den Appui vun der Bevëlkerung geet. Au contraire !

Do derbäi kënnt dann awer och nach d'Tatsaach, dass des Regierung d'lescht Joer esou vill Réckzieher gemaach huet, net nëmme bei der Gesondheetsreform mä och nach beim Spuerpak oder beim Index. Elo muss se dach wéinstens ee Projet riicht duerchzéien. An do kënnt d'Fonction publique hier esou richteg geleeën. Schliisslech kënnt et dobaussen ëmmer nees gutt u fir op eis ronderëm ze klappen.

Mä wat bleift der CGFP als Alternativ ?

D'Prozedur vum Litige lancéieren op Grond vun ... jo, op Grond vu wat eigentlech ? Vun enger Note d'implémentation vun 10 Säiten iwwer e Reformprojet deen net nëmmen d'Gehälter reforméiere soll, mä och nach grouss Deeler vum Statut an iwwerhaapt d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Verwaltung u sech.

A wat wier den Objet vun deem Litige ?

D'Ufanksgehälter an de Bewertungssystem wäre jo mol mat Sécherheet dobäi. Mä, soss nach eppes ? De Minister Biltgen seet de Projet wier ee Ganzt. Wann een also een Deel vun der Reform ufecht, da stellt een u sech de ganze Projet a Fro. An zéien do nach all d'Associatiounen mat ? Schliisslech sinn der jo och dobäi déi revaloriséiert ginn. Dat Ganzt ass a bleift a villen Hisiichten, eng zweeschneideg Affaire.

Dofir ass et och villäicht méi gënschteg fir net virun de Won ze sprangen an a Richtung Litige ze lafen. Besonnesch well d'Informatioun esou dürfteg ass. Mä kënne mir eis et leeschte fir op e konkreten Text ze waarden ? Op des Fro wäerte mir wuel ni eng Äntwert kréien.

D'Protestmanifestatioun

Mir, als AGC hunn op jiddefall net gewaart an eise Litige iwwer d'Formatioun, dee mir am Oktober 2010 en veilleuse gesat haten nees relancéiert. Den 21 Januar 2011 hu mir de President Pierre Gehlen opgefuerdert d'Prozedur nees weiderlafen ze loossen an hien huet och prompt déi nächst Réunioun op de 17. Februar festgeluegt.

Mä ier et esou wäit war, huet d'CGFP eng grouss Conférence des comités élargie fir de 7. Februar 2011 aberuff. An enger Resolutioun gouf nach eemol eis Oppositioun géint de Regierungsprojet ënnerstrach an et gouf och schonn e Litige ugekënnegt sollt d'Regierung Wëlles hunn des Reform als Diktat vun uewen erof duerch ze boxen.

Am Hibléck op des Protestmanifestatioun, wollt de Minister Biltgen dunn zesumme mam Octavie Modert an d'Conférence des comités komme fir do mat all den Associatiounen ze diskutéieren. Dass esou eng kollektiv Réunioun net erwënscht war, hat de Minister zënter senger ominéiser « Réunion d'information et de consultation » aus dem Oktober sécher nees vergiess.

Op jiddefall, huet d'CGFP des Propose dankend ofgelehnt.

A kuck do, den Dag virun der Conférence des comités, huet sech de Minister Biltgen op eemol bereet erkläert, dann elo awer nach alleguer déi Associatiounen ze empfänken, déi him bis ewell eng Demande d'entrevue geschéckt haten.

Mä wéi scho gesot, huet dat awer weider näischt un der Protestmanifestatioun an un der Resolutioun geännert, well et weess e jo : Vertrauen ass gutt, Virsiicht ass besser.

Mir als AGC hunn awer op des nei Ouverture hin, eise Litige Formation nees eemol en veilleuse gesat.

An eng 5. Demande d'entrevue

Dësweideren hu mir dem Minister Biltgen eng 5. Demande d'entrevue geschéckt, des Kéier allerdéngs, fir him eis Bedenken a Bezuch op d'Ofschafe vun der Hierarchie a vum Pourcentage am Cadre fermé ze presentéieren. Schliisslech si mir d'Redakteren déi gréisst Carrière hiérarchisée beim Stat a vun dohier haaptsächlech duerch déi geplangte Limitatioun op 2 Funktioune pro Carrière betraff.

Dëse Bréif hu mir als Copie un déi ganz Regierung, un de President vun der Chamber, un d'Commissioun « Fonction publique » an un all d'Fraktiounen, geschéckt.

Och d'CGFP, souwéi sämtlech « Carrières hiérarchisées » Associatiounen hunn eng Copie vun dësem Bréif kritt.

Mä wann de Minister Biltgen sech zwar bereet erkläert hat, déi eenzel Associatiounen ze empfänken, dann hat hien awer och gesot, dass ee sech iwwerleeë misst op ee léiwer e Litige oder léiwer eng Entrevue mam Minister wéilt.

A genee dat stoung dunn och am Bréif, deen d'AGC vun der Ministere Biltgen a Modert dorops hi kritt huet. Et wier hinne leider juristesch onméiglech fir eis eng Entrevue ze accordéieren esou laang wéi mir eise Litige net ofgeschloss oder zeréck gezunn hätten.

Gläichzäiteg kréie mir awer och nach ënnerstallt de Litige engagéiert ze hu well mir et net fir néidesch fonnt hätten, des Discussiounen an enger einfacher Entrevue ze féieren.

Dat ass riicht eraus gesot eng Frechheet. Fir d'éischt kréie mir keng Entrevue beim Minister a wa mir dann de Litige umellen, da kréie mir nawell keng Entrevue well mir jo e Litige mat der Regierung hunn.

A genee dat hu mir och dem Minister an eiser Äntwert geschriwwen. 5 Demandes d'entrevue hu mir him geschéckt. A wéi mir vun der Commission des traitements gesot kruten, dass de Minister net mat den Associatiounen verhandele géif, dunn hu mir au vu vun de Note d'implémentation, déi d'Schafe vun enger neier Bachelor Carrière virgesäit, de Litige ugemellt.

Zweemol hu mir gemengt de Minister géif awer eng Ouverture maachen a mat eis schwätzen.

Zweemol hu mir dorops hin de Litige vum Conciliateur « en veilleuse » setze gelooss an eng nei Entrevue beim Minister gefrot.

An zweemol hu mir nees keng Entrevue kritt !

Mä eis e Mangel un Dialogbereetschaft virwäerfen …

Esou oder esou ähnlech hu mir dem Minister geäntwert, nodeems mir d'Situatioun am Comité analyséiert an duerchdiskutéiert haten. Bréngt et wierklech eppes fir mordicus un dem aktuelle Litige festzehalen an doduerch keng Entrevue beim Minister ze kréien. Oder wier et besser de Litige zeréck ze zéie fir eben net nees vum Sozialdialog ausgeschloss ze ginn ?

Mir hunn eis fir den Dialog décidéiert och wa mir eis net all zevill dovun erwaart hunn. Mä de Litige kënne mir ëmmer nach op en neits lancéieren, nodeems mir mam Minister geschwat hunn.

Mir hunn also eise Litige zeréckgezunn an domat dem « Impératif juridique » oder wéi dat am Fachjargon heescht dem « Chantage gouvernemental » noginn.

Den 2. Mäerz hate mir dann eis Entrevue mam Minister Biltgen.

D'Entrevue Biltgen

Eng Stonn an zwanzeg Minutten huet se gedauert.

De Minister huet vill geschwat, och wann hien ëmmer nees betount huet, hien hätt net Wëlles vill ze soen. Hien huet awer zu kengem Thema richteg Stellung geholl well mir eis zum engen an enger « Denkpaus » befanne géifen an zum aneren, well hien nach net mat der Regierung iwwer de Projet diskutéiert hätt.

Och huet hien ëmmer nees ugedeit dass hien net wéisst op d'Regierung iwwerhaapt nach um Projet interesséiert wier.

Dat eenzegt Zougeständnis wat e gemaach huet ass d'Ausso hie géif net onbedingt un der Ofschafung vun de verschiddene Funktiounen halen.

Et war u sech eng gutt Diskussioun a mir hunn eis Positioun zur Formatioun, der Bachelor-Carrière, der Evaluatioun an dem Horaire mobile gutt presentéiert.

No Ouschtere soll dann en Avant-projet presentéiert ginn, deen dann eventuell nach mat deenen Associatiounen diskutéiert soll ginn, déi dem Minister schréftlech fondéiert Critiquen an Alternative presentéiert hunn.

Et war also keng Partie Speeddating, mä en agréabelt Gespréich an engem gudde Klima. Op et eppes bruecht huet oder net, dat gesi mir wann et esou wäit ass.

Dee Moment décidéiere mir dann och wéi et mat eisem Litige « Formation » oder aneren eventuelle Litige weidergeet.

D’Reform vum Horaire mobile

An domat wier ech dann och esou lues um Enn vum mengem Rapport d’activité ukomm.

Et war e ganzt mouvementéiert Joer wou mir eis méi oft wéi üblech an der Conférence des comités begéint hu fir iwwer d’Gehälterreform ze diskutéieren an eis ze concertéieren, mä och fir iwwer den Accord salarial oder den Accord bipartite ofzestëmmen.

An engem Groupe de travail huet d’AGC awer och e groussen an interessante Mémoire zur Reform vum Horaire mobile ausgeschaft. An eisem leschten Inforum ass den integralen Text presentéiert ginn, an dir kënnt en awer och als PDF op eisem Internet Site erëmfannen.

Dëse Mémoire huet d’CGFP dann och mat an d’Négociatiounen iwwer d’Reform vum Horaire mobile geholl. Wat d’Regierung vun eise Fuerderungen zeréckbehal huet a wou se u gutt Stéck méi wäit gaangen ass, awer och wat se dovun ignoréiert, respektiv pervertéiert huet, dat kann een am Projet de règlement grand-ducal noliesen. Eng Géigeniwwerstellung fann dir iwweregens och an eisem leschten Inforum.

Ech erspueren iech d’Detailer, mä e puer Remarquë mussen trotz allen zu dësem Thema sinn.

De Regierungsprojet gesäit fir, den Ufank vun der Plage fixe moies vun 8:30 op 9:00 ze verréckelen. Dat ass och gutt esou an dat hate mir och esou gefrot. Mä dass als Contrepartie d’Plage fixe vu mëttes elo bis 16:30 goe soll, dat hate mir weder gefrot, nach gesi mir iergend e Sënn doran.

Well deejéinegen, deen um 9:00 moies ufänkt, dee ka mat mathematescher Sécherheet net regelméisseg um 16:00 Auer ophalen. Sécher, den obligatoresche Minimum vu 6 Stonnen hätt en erreecht, mä e géif awer och all Dag e Minus vun 2 Stonnen encaisséieren.

Hei gëtt nees vun der Regierung probéiert ee géint deen aneren ausspillen, fräi nom Motto : fir dass du deng Kanner moies an d’Crèche féiere kanns, dofir muss ech elo mëttes méi laang bleiwen.

Oder ass et villäicht nëmmen e Virwand fir d'Plage fixe vu mëttes endlech verlängeren ze kënnen. Schliisslech ass et nëmmen eng Minoritéit déi moies méi spéit ufänke wäert an doduerch garantéiert, dass déi grouss Majoritéit mëttes méi laang schaffe muss.

An och bei der Mëttespaus, hu se eis Fuerderung no engem Minimum vun enger halwer Stonn a Plaz enger ganzer wéi bis elo, net nëmmen ignoréiert, mä carrément pervertéiert. Hei steet et dem Chef d'administration fräi, verschiddene Beamten d'Mëttespaus op eng hallef Stonn ze reduzéieren, awer net fir dem Beamten entgéint ze kommen. Neen, déi concernéiert Beamte kënnen « dans des cas exceptionnels liés aux contraintes de service » net méi laang ewéi eng hallef Stonn Mëttegpaus maachen.

Ech kéint och elo nach e bëssi sou weiderfueren, mä wéi scho gesot, dir fannt dat alles an eisem leschten Inforum, wou dir et à tête reposée duerchliese kënnt.

Conclusioun

Wéi et awer elo mat der Reform oder am allgemenge mat der Fonction publique weider geet, dat kann een haut nach net viraussoen. Et wäert op jidder Fall weiderhi spannend bleiwen. Wat en fin de compte dobäi eraus kënnt, dat ass méi wéi ongewëss.

Mä wat een allerdéngs elo scho soe kann, dat ass dass vill méi um Spill steet wéi esou muncher ee mengt. Dat gëllt fir d'Fonction publique am allgemengen, souwuel fir d'Beamte wéi och fir d'Verwaltungen. Dat gëllt awer och fir de Bierger, de sougenannten Usager, dee bis ewell dach zimlech zefridde war mam ëffentlechen Déngscht esou wéi e bis elo gutt funktionéiert huet.

Net ze vergiessen ass awer och d'CGFP, fir déi dëse Projet och mä net nëmmen eng Zerräissprouf duerstellt.

An da schlussendlech d'Redakteren, déi a villen Hisiichten zu deenen Haaptconcernéierte vun der Reform zielen an dat definitiv net am positive Sënn.

Wat geschitt mat eiser Carrière ?

Wou sti mir no der Reform ?

Wéi geet et mat der Formatioun vun den zukënfteg Redaktere weider ?

Et ass evident, dass des Froen d'Regierung weider net intresséieren, weder haut, nach gëschter, nach virun 30 Joer.

An och wann de Minister Biltgen fënnt, dass mir d'Redakteren, oder wéi hie sech a sengem Artikel ausdreckt « les cadres administratifs du milieu » an dat si schlussendlech mir, wann hien also fënnt, dass mir ëmmer méi iwwerflësseg ginn, « deviennent de plus en plus superflus », da kann ech him haut awer scho versécheren, dass d'AGC nach esou bal net kleng bäi gëtt.

Mir wäerten eis och weiderhi fir d'Interesse vun eise Memberen asetzen, esou wéi mir dat schon virun der Gehälterreform gemaach hunn, esou wéi mir dat während der Gehälterreform maachen an esou wéi mir dat och nach no der Gehälterreform maache wäerten.

Well, egal wéi dëse Match och aus wäert goen, mir ginn eis esou bal nach net geschloen !

Ech soen Iech Merci !